Diddeleng kritt eng nei visuell Identitéit

– 10. November 2026 –

D'Stad Diddeleng gëtt sech eng nei visuell Identitéit. Dës soll besser erëmspigelen, wien d'Stad ass, fir wat si steet a wat si an Zukunft erreeche wëll. Dëse Schrëtt geet wäit iwwer eng reng grafesch Moderniséierung eraus: Hie mécht de Wëlle kloer, all Facettë vun der Stad siichtbar ze maachen – hir Geschicht, hiert Ierwen, hiert kulturellt Liewen, hir héich Liewensqualitéit an hiren Engagement fir eng nohalteg an inklusiv Zukunft.

Eng visuell Identitéit, déi dat haitegt Diddeleng erëmspigelt

De Logo vun enger Stad ass vill méi wéi nëmmen e grafescht Zeechen. Hien ass hir visuell Signatur a präägt, wéi d'Bevëlkerung, hir Partnerorganisatiounen an hir Gäscht d'Stad gesinn a wouerhuelen. Hie kënnt op Gemengegebaier, an offizielle Dokumenter a Publikatiounen, souwéi op de sozialen Netzwierker an an den digitale Medien zum Asaz. Dowéinst muss déi visuell Identitéit den haitegen Ufuerderunge wat Liesbarkeet, Kohärenz an Erëmerkennungswäert ugeet gerecht ginn.

Eise Logo vu bis elo war virun allem mam Gemengenhaus verbonnen. Dës Duerstellung huet zwar gutt zu der Administratioun gepasst, huet awer nëmmen en Deel vun der Diversitéit an dem Räichtum vun der Stad gewisen. Diddeleng ass virun allem eng Plaz fir ze liewen, sech ze begéinen, fir Kultur, Natur an den Engagement vun eise Bierger*innen.

Déi nei visuell Identitéit soll d'Wäerter Oppenheet, Proximitéit zu de Bierger*innen a Gesellegkeet, déi Diddeleng auszeechnen, besser zum Ausdrock bréngen. Gläichzäiteg soll si d'Gefill vun der Zesummegehéieregkeet vun de Leit zu Diddeleng stäerken.

„En neie Logo ze entwéckelen heescht net, eiser Geschicht de Réck ze dréinen. Mir wëllen Diddeleng esou weisen, wéi et haut ass: eng Stad, déi houfreg op hiert industriellt a kulturellt Ierwen ass, déi Wäert op eng héich Liewensqualitéit leet an de Bléck no vir riicht. Eng Stad, déi op Kreativitéit, Inklusioun, nohalteg Mobilitéit an d'Gläichgewiicht tëscht Natur a Stadliewe setzt“, ënnersträicht de Buergermeeschter Dan Biancalana.

Dës Weiderentwécklung entsprécht dem Wonsch, e kohärent an erkennbaart Bild vun Diddeleng ze vermëttelen. Dëst Bild soll souwuel lokal wéi och iwwer d'Landesgrenzen eraus eng Wierkung hunn a gläichzäiteg déi Charakteristiken erhalen, déi d'Stad eenzegaarteg maachen.

E Symbol, inspiréiert vun Diddeleng a senger Identitéit

„Liewen, wéi am Süden." Dëse Slogan begleet Diddeleng zënter e puer Joer a beschreift déi besonnesch Atmosphär vun dëser Stad am Minett: hir Energie, hir Gesellegkeet an hire Stolz op hir Zougehéieregkeet. D'Häerzlechkeet, mat där d'Leit zu Diddeleng iwwer hir Stad schwätzen, weist, wéi déif si mat hirem Ëmfeld verbonne sinn.

Genee aus dësem Liewensgefill eraus ass d'Sonn zur zentraler Inspiratiounsquell fir den neie Logo ginn.

De Logo baséiert ënner anerem op der Vue op Diddeleng vum Waassertuerm aus. Jee no Bléckwénkel erënnert d'Geometrie vun der Stad un eng Sonn, deenen hir Stralen sech ronderëm ee Mëttelpunkt ausbreeden.

Doraus ass den neie Logo entstanen: Den „D", den Ufanksbuschtaf vun Diddeleng, formt den Zentrum a gëtt vu Stralen ëmgi. Sou verbënnt de Logo den direkte Bezuch op den Numm vun der Stad mat enger symbolescher Duerstellung vun hirer Ausstralung, hirer Dynamik an hirer Oppenheet vis-à-vis vun der Zukunft.

Rout – eng Konstant, déi iwwer d'Zäit bestoe bleift

D'Faarf Rout suergt fir Kontinuitéit. Si ass déif an der Geschicht an am Stadbild vun Diddeleng verwuerzelt. Si erënnert un déi rout Biedem vum Minett, un d'industriell Vergaangenheet vun der Regioun an un en Ierwen, dat am Mëttelpunkt vun der lokaler Identitéit steet.

Duerch d'Bäibehale vun dëser Faarf bleift eng Konstant bestoen, wärend déi visuell Identitéit gläichzäiteg an e Moderniséierungsprozess agebonne gëtt. Eist Zil ass net, mat den Elementer ze briechen, déi d'Geschicht vun Diddeleng gepräägt hunn, mee si op eng zäitgeméiss Aart a Weis nei ze interpretéieren.

Eng Identitéit, déi hirer Geschicht trei bleift an no vir kuckt

Den neie Logo verbënnt Numm, Territoire, Geschicht an d'Symbolik vun der Sonn. Domat vereent hien e puer vun de wichtegsten Dimensioune vun Diddeleng. Seng kloer an dynamesch Form gouf esou gestalt, datt si direkt erkennbar ass an op all de Kommunikatiounssupporte vun der Stad op eng eenheetlech Aart a Weis benotzt ka ginn.

Déi nei visuell Identitéit dréckt domat eng kloer Ambitioun aus. Si weist eng Stad, déi zu hirer Geschicht an hirem Ierwe steet, mee gläichzäiteg och hir Dynamik, hir Oppenheet an hire Wëllen, d'Zukunft aktiv matzegestalten, zum Ausdrock bréngt.

Mat där neier Identitéit entwéckelt Diddeleng säin Optrëtt weider, ouni sech selwer ontrei ze ginn. D'Stad bleift eng Stad mat Charakter, déi houfreg op hir Wuerzelen ass an entschloss an d'Zukunft kuckt.

Eng schrëttweis a responsabel Ëmsetzung

Déi nei visuell Identitéit gëtt no an no agefouert, am Rhythmus, an deem déi verschidde Kommunikatiounsmëttelen an Ausrüstunge vun der Stad erneiert ginn. Dat offiziellt Bréifpabeier, d'Verwaltungsdokumenter, d'Aarbechtskleedung vun de Gemengemataarbechter*innen an aner Supporten iwwerhuelen déi nei Identitéit deemno schrëttweis.

Dëse graduellen Iwwergank orientéiert sech um Prinzip vun der Nohaltegkeet. Aktuell Stocke ginn opgebraucht, amplaz direkt ersat ze ginn. Doduerch kënnen Offäll an d'Ëmweltbelaaschtunge limitéiert ginn. Dës Approche entsprécht de Prinzippie vun der Nohaltegkeet an der Ëmweltverantwortung, fir déi sech d'Stad asetzt.

Déi nei visuell Identitéit gëtt also no an no an de kommunalen Alldag integréiert. Dobäi ginn d'Moderniséierung vum Optrëtt vun Diddeleng, e verantwortungsvollen Ëmgang mat de Ressourcen an de Respekt virun der Ëmwelt matenee verbonnen.

*De Buergermeeschter- a Schäff*innerot*
Dan Biancalana, Buergermeeschter
*Loris Spina, Josiane Di Bartolomeo-Ries, René Manderscheid, Claudia Dall'Agnol, Schäff*innen*

DUDELANGE

DIDDELENG